n° 3799

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2021

REÇU
Par Alff Christian , 16:52, 08/03/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro zu Manifestatiounen an der Stad un de Minister fir bannenzeg Sécherheet weider ze leeden.

Et gi momentan an der Stad ëmmer méi Manifestatioune géint déi aktuell Corona-Mesuren. D'Demonstratiounsrecht ass ee wichtegen demokrateschen Acquis a muss och a Krisenzäite garantéiert ginn. Trotzdeem mussen och hei déi gängeg Reegelen agehale ginn. Laut verschiddenen rezente Meenungsbäiträg gi bei dëse Manifestatiounen awer déi aktuell Reegelen a ‚Gestes barrières'gréisstendeels net agehalen an domat representéieren si e Risiko fir déi sanitär Situatioun am Land.

Ech wéilt dofir folgend Froen un den Här Minister stellen:

- Kann den Här Minister dës Informatioune confirméieren?
- Wann jo, wéi geet d'Police dogéint vir? Wat soll an Zukunft nach dogéint ënnerholl ginn?
- Wéi eng Moyen'en huet d'Police, fir ze kontrolléieren, dass och bei esou Manifestatiounen déi sanitär Reegelen agehale ginn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 09 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3799 du 08.03.2021 de Monsieur le Député Laurent Mosar - Manifestations contre les mesures sanitaires

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés